

Kontakt

Informationsblatt vum Fieldgen / No 2

Freideg, 4 Oktober 2024

LU - 7.10.	MA - 8.10.	ME - 9.10.	JE - 10.10.	VE - 11.10.
19h00 Eltererversammlung 7G6 / 6G1	19h00 Eltererversammlung 7G2 / 7G4	Journée photos	19h00 Eltererversammlung 7G1 / 6G4	

ACAT-Grupp Fieldgen

Mir, d'Redaktiounsequipe vum ACAT-Grupp Fieldgen, hunn den 31. Dezember 2022 e Gruppenteams mat den Appeller vun der ACAT gegrënnt. Alles ass online, dat heescht et gëtt keng Veranstaltungen; d'Verwaltung ass ganz eiser Redaktiounsequipe iwwerlooss. An anere Wieder: Dir musst keng zousätzlech Zäit aplange fir Reuniounen, als Member vum Teamsgrupp kritt Dir just d'Appeller geschéckt, net méi. Wann Dir vun eis informéiert wéilt ginn, da kontaktéiert eis wann ech gelift.

Wat ass d'ACAT?

D'ACAT (Action des chrétiens pour l'abolition de la torture) ass eng weltwäit ONG, déi sech fir d'Mënscherechter asetzt.

Wéi mir scho wëssen, gëtt et op eiser Welt nach vill totalitär Regimier, déi politesch Géigner an Demonstranten an de Prisong geheien, folteren oder esouguer ëmbréngen, zum Beispill wann si sech beschwéieren, datt d'Mënscherechter an hirem Land net respektéiert ginn.

Mir ënnerschreien a schécken Autokrate Petitiounen a Bréiwer, a froen domadder fir méi Gerechtegkeet. Eist Ziel ass et also, méiglechst vill Drock ze maachen, fir dat eppes geännert gëtt. D'Inhaftéierter kréien de Bréif och geschéckt, fir datt si wëssen, datt si net eleng do stinn.

Eng Rei politesch Géigner, déi am Prisong waren, sinn ënner anerem och doduerch befreit ginn. Dat funktionéiert net ëmmer, mee jee méi Leit mir sinn a jee méi Drock mir maachen, desto méi wäerte mir errechen.

Vill Mënschen, mee eng Mënschheet!

Zesummen als Equipe,
Zesumme fir d'Mënscherechter,
Zesumme fir d'Zukunft!

Hei fannt Dir nach méi iwwert d'ACAT:

ACAT-Lëtzebuerg: <https://acat.lu/association/>

DE: https://www.acat.ch/de/ueber_acat/

FR: <https://www.acat.ch/fr/portrait/>

Internationaalt Netzwierk: <https://fiacat.org/notre-reseau>

Chiara & Leena Zahlen, Chiara Thoma, Léo Hellinckx
D'Redaktiounsequipe vum ACAT-Grupp Fieldgen



Fieldgen for Future

Nohaltegkeetsgrupp vum Fieldgen

De Grupp "Fieldgen For Future" setzt sech zanter 2019 fir d'Ëmwelt um Fieldgen an.

Wat heescht dat méi konkret?

Eis EC trefft sech all Dënschdes vu 15:25 bis 16:15 am Marco Polo (S-Gebai) a schafft dorunner, d'Schoul méi gréng, méi ekologesch a méi gemeinschaftsfreundlech ze gestalten.

Hei sinn e puer Projeten an Aktiounen un deene mir geschafft hunn oder aktuell schaffen:

Erleedegt Projeten

Bänken am Schoulhaff
Dreckoprafaktioun
Tri vun den Offäll (Stickeren)
ReUseCorner
Nei Vëlosstänner
Neie recycelte Pabeier fir d'Kopien

Projeten um lafen

Insektenhotel
Bannenhaff
Schoulhaff begréngen

Mir sichen Engagéierter! Du bass gefrot!

Du wëlls dech fir d'Ëmwelt asetzen, an dobäi de SchülerInne vum Fieldgen eppes Konkretes hannerloossen? Da mell dech beim Här Stefan Kornelis oder beim Här Philippe Haag an eiser Ecole à la Carte!

Fieldgen for Ëmwelt,
Fieldgen for Gemeinschaft,
Fieldgen For Future!

Ecole à la carte Fieldgen For Future

